N°3136
Entrée le 01.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Finanzminister a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 3136 vum 30. Oktober 2025 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

1. **Wéi vill Mandater vun Administrateuren, déi vum Staat oder enger Persoun morale de droit public proposéiert goufen, ginn et aktuell am Ganzen (a sociétés anonymes, Etablissements publics a GIE'en)?**
2. **Wéi ass d'Opdeelung vun dëse Mandater no proposéierende Ministère an no der Gesellschaft/Entitéit an där d'Mandat ausgeüübt gëtt?**

Fir ze evitéieren dass een all eenzel Entitéit muss am Regëster vun de Gesellschafte siche goen, huet d'Trésorerie de l'État zanter enger Rei Joren eng interaktiv Duerstellung op hirem Site verëffentlecht fir eng transparent Iwwersiicht vun alle Mandater ze assuréieren. Et opläit de jeeweilege ministeriellen Departementer dës Lëscht à jour ze halen.

Aus dëser Iwwersiicht geet ervir wéi vill Mandater vun Administrateuren a *Sociétés anonymes*, *Etablissements publics* a *Groupements d'intérêt économique (GIE)* et gëtt, déi vum Staat proposéiert goufen. Et ass ze bemierken, datt Léit, déi vum Staat genannt ginn, net noutgedrongen all Agente vum Staat sinn.

De ganze Repertoire fënnt een ënnert follgendem Link: https://tresorerie.public.lu/fr/participations.html

3. **Wéi dacks a firwat gëtt d'Gesetz vum 25. Juli 1990 iwwer de Statut vun den Administrateuren, déi de Staat vertrieden, net applizéiert, besonnesch a Bezuch op d'Réckbezuelung vun den Emolumenter un de Staat oder d'Festleeë vun den Indemnitéiten?**

D'Regierung suivéiert déi Praxis a Prozedur, déi sech iwwert déi lescht 35 Joer am Kontext vun der Applikatioun vum Gesetz vun 1990 iwwert d'Indemnitéiten, déi staatlech Vertrieder an de Verwaltungsréit vu Kapitalgesellschafte kréien, etabléiert huet.

De Regierungsrot decidéiert, aus praktesche Grënn, dass d'Tantiemen direkt un déi betraffe staatlech Vertrieder am Verwaltungsrot vun der betreffender Firma ausbezuelt ginn, ouni virdrun nach iwwert de Staatsbudget ze transitéieren.

Den 10. Januar 2024 huet de Regierungsrot dës Decisioun fir déi aktuell Legislaturperiod confirméiert. Dëst gouf och schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 139 esou erkläert.

4. **Wat ass de Gesamtbetrag vun den Indemnitéiten, déi pro Gesellschaft/Entitéit fir dës Administrateursmandater am leschte komplette Comptablesjoer bezuelt goufen?**

Et gëtt op  op d'Äntwert zu der Fro 3 verwisen.

5. **Ginn et zousätzlech Avantagen (z.B. Remisen, Avantages en nature, Frais de représentation) déi mat dëse Mandater verbonne sinn, a falls jo, wéi eng Zort an op wéi enger legaler Basis ginn dës accordéiert?**

Zu dëser Fro kann ee keng generell Ausso maachen, well dëst duerch déi intern Reegele vun de jeeweilegen Entitéiten definéiert gëtt. Op alle Fall ënnerleien eventuell Avantage, souwäit se ee Geldwäert hätten, als "avantage en nature" der Akommessteier, genee sou wéi d'Tantieme selwer och steierflichteg sinn.

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN